Einstimmigkeit herrschte dann auch bei den beiden darauffolgenden Punkten. Zum einen wurde ein Darlehen von 14.630.415 € bewilligt um die EDIFF-Schule im Rahmen des neuen Schulkomplexes in Belval zu finanzieren. Hierbei handelt es sich um eine Vorfinanzierung, die später vom Ministerium zurückerstattet werden wird. Das Projekt war am 16.12.2016 gestimmt worden. Zum anderen handelte es sich um eine Gebühr zur Nutzung einer Wohnung in der Schule 2000 in Zolwer. Schöffe Marco Goelhausen (LSAP) gab hierzu alle wichtigen Informationen. Der Winterdienst hat in der Periode von November bis März Bereitschaft. Für die Mitarbeiter des Bereitschaftsdienst ist es nicht immer selbstverständlich in der Nacht bei schwierigen Straßenzuständen zum Dienst anzutreten oder für diejenigen die weiter weg wohnen und da die Gemeinde innerhalb von 30 Minuten auf Schneefall reagieren soll, hatte die Personaldelegation nun die Anfrage ob man nicht eine Schlafgelegenheit für Mitarbeiter des Winterdienstes zur Verfügung stellen könne. Somit wurde die ehemalige Hausmeisterwohnung in der Schule 2000 eigens hierfür eingerichtet. 4 Betten, eine Küche, ein Aufenthaltsraum und Sanitäranlagen plus Dusche wurden nun bereitgestellt und eine eigene Hausordnung wurde ausgearbeitet. Für die fakultative Nutzung wird eine Gebühr von 5 € pro Nacht erhoben.

STELLUNGNAHMEN DER EINZELNEN FRAKTIONEN ZUM BUDGET 2018

Nur 2 Nein-Stimmen gab es bei der Abstimmung über den Haushalt 2018. Folgen nun alle Stellungnahmen der im Gemeinderat vertretenen Parteien.

déi Lénk-Stellungnahm zum Budget 2018

« On prend (presque) les mêmes et on recommence »
an dat mat engem weiderhin Lsap dominéierende Schäfferot, dee wuel kaum Brécke wäert baue fir déi politesch a sozial oniwuerbréckbar Meenungsdifferenzen, déi ech perséinlech an déi Déi Lénk am Allgemenge mat him haten, an, wéi een un dësem Budget ka gesinn, och nach weider wäerten hunn.

„Si voter changeait quelque chose, il y a longtemps que ça serait interdit“ ass en Zitat vum Coluche, dat dës Kéier zwar net op all Gemenge passt, mä dofir awer op d'Suessemer Lsap, déi sech trotz massivem Stëmmeverloscht, wou se d'Ursaachen exklusiv beim nationalen Opschwung vun der CSV a bei eis zwee neie Lénke siche geet, nach wie vor als Gewënner gesäit, ouni och nëmmen am Geréngsten u sech selwer, resp. un hirer liberaler Lsap Politik ze zweiwelen.

Zu de Präsentatiounen vum Budget

Mär ginn der vermeintlecher 1. Schaffin dofir och net nëmmen 100, mä ganzer 365 Deeg, also bis zum nächste Budget, fir ze weisen, ob si et bis dann als „Junior“-Koalitionspartner fäerdeg bruecht huet fir aus där sozialistescher Dominanz do eraus ze kommen - voire d'Verdeelung vum Buergermeeschter- & de Schaffeposten mat 3 géint 1, hiren Net-Beitrag bei der Presentatioun vum Schafferotsprogramm an d'Opdeelung vun de Schaffe-Ressort'en, wou de Buergermeeschter, laut eegenen Aussoe virum ganze Personal, jo awer nach ëmmer drop hält fir all eenzelen Dossier selwer ze gesinn... - wat sämtlech Schaffen, ëffentlech an hir Schranke verweisen huet an dee vu mär des öfteren a scho méi laang (voire oniwwerbréckbar Meenungsdifferenzen) ugeprangerten autokratesche Führungsstil, nëmmen ënnermauert.

Dofir zweiwelen mär och drun, dass si als 1. Schaffin resp. esouguer als Finanzschaffin, wéi e Méinde bei hirer Presentatioun vum Budget an Aussicht gestallt, d'nächst Kéier méi ze presentéiere kritt, wéi dat hir Virgängerin huet däre maachen, nämlech just déi blank Zuelen op de Graphiken aus dem ordinäre Budget. Alles anescht ass Chefsaach, wou de Buergermeeschter déi politesch Accenter eleng fir sech beusprocht, an dat net nëmmen am extra-ordinären-, mä dann och nach eng Kéier am ordinäre Budget (duebel also, fir wa mer et dann nach ëmmer net sollte verstanen hunn).

„C'est pas parce qu'ils sont nombreux à avoir tort qu'ils ont raison!“, kéint een elo de Coluche nach emol zitieren.

Dës Kéier war dem Buergermeeschter seng politesch Ried allerdéngs zimlech dürrftig, wat héchstwahrscheinlech doduerch koom, well hie méi mam Chambers-Budget beschäftegt war, wéi mat deem aus senger eegener Gemeng, a si war haaptsächlech gepräagt duerch eng Introductioun, iwwer Walen, Majoritéit, Oppositioun an deenen hir „Miessmacherstëmmungs Kritiken“, an duerch eng Metapher vun der Musek, wou hien eis, resp. eenzelen vun eis, iergend eppes, schwéier Novollzéibares, tèschen den Zeile wollt matdeelen / bäibréngen..., mä eis „Gott sei Dank“

(wann ech deen dann däre he mat an Spill bréngen) iwuerlooss huet, wéi eng Approche, dass mär dann dozou géife fir richtig fannen...

Punkten an dësem Budget vun der Kontinuitéit, wéi e genannt gouf, déi op eng konkret Ëmsetzung vun där ambitieuser Schafferotserklärung, déi deen ee Gemengerotsmember, domadder war ech jo da wuel gemengt, als „copy-paste“ vun zwee Walprogrammer ofgestempelt hat, waren der de leschte Méinden allerdéngs net vill eraus ze héieren, weder vun deem engen, nach vun där anerer Riednerin. Ah jo, dofir hätt ee jo sechs, oder besser gesot, dann nach fënnef Joer Zäit.

Niewebäi hunn si Allenzwee et awer fäerdeg bruecht, d'Zuelen aus dem ordinäre Budget esou duer ze stellen, wéi wann d'Finanze vu Gesondheet nëmmen esou géife strotzen.

Mär ginn dovunner aus, dass de Plan pluriannuell awer bei wäitem net esou gutt ausgesäit wéi een dat he kéint mengen. Do brauch een sech nëmmen d'Personal Evolutioun mat plus 29/30 Posten (an der 1. Schaffin hirem Tableau) resp. 27 Posten (am Buergermeeschter sengem Tableau) eleng an dësem Budget, mat hire laangjäreg Nofolgekäschten unzekucken - zemools mer jo awer wëssen, dass mer momentan nëmme vun enger iwuerduerchschnëttlecher Croissance profitieren.

Esou gétt dann och de Prozentsaz (vu 60,84%) vun de Personalkäschten am ordinäre Budget kënntlech op ënner 50% duergestallt, andeems d'Personal vum CIPA - REWA einfach emol eraus gerechent gétt, mam Argument, dass den CIPA sech jo awer selwer géif droen.

Bei der Gemengeverschëldung (vu 14 379 132 € + 12 Mio. (am Budget 2018) = 24 752 671 €), gétt déi nei Schold fir d'Ediff ze bauen (vu 14 630 415 € (8 168 278,00 am Budget 2018)), esou duergestallt, wéi wann et eis Schold net wier (obwuel mer déi Suen eréischt am Laf vun deenen nächsten 20 Joer duerch e Contrat de Location-Vente vum Staat erëm solle kréien), a woumatt d'Prokappverschëldung vu 1.477 € anstatt 1.941 € (resp. vun 1.368 anstatt 1.797 €, op déi previsionnel Awunnerzuel vum 31.12.2018 gerechent?!) dann och manner héich ausgesäit.

Och gétt de Prozentsaz vun 2,93% (2,35% ouni Ediff) vum Erëmbezuele vun den Annuitéite (vun 2 025 000 €) vun eiser Schold op d'Recettes Ordinaires (70.812.335 €) gerechent an net op de geschätzten Iwwerschoss (vu 7.831.603,65) vun den ordinäre Recetten minus d'Depenses, wat da 25,85 % ausmëscht, also 1/4 vun deene Sue, déi nach Rescht bleiwe fir nieft de virgesinne Schou-

linfrastrukturen, déi sëllege Walversprieche (am ganze fir 50,8 Mio. € ?!) ze realiséieren.

Iwwerhaapt hunn d'Komeroden e spezielle Besuch zur Mathematik, zemoos wann et ëm hir Interpretatioun vum Demokratieverständnis geet. Esou huet eng Lsap Conseillère heibannen eis de leschte Méinden, an d'Zäit als 7ème Schüler zeréck versat, fir eis, am Zesammenhang vum Verdeelungs-Schlüssel vun de Partei-Memberen fir an d'Kommissionen, hir mathematesch Wikipedia Definitioun vun „en fonction du nombre“ bäi ze bréngen... Déi Aart a Weis fir d'Leit fir domm ze verkafen dréit net zum Respekt an zur Vertrauensbildung zwësche Majoritéit an Opposition bäi a muss ganz einfach och net sinn. Mä wäerten dat iwwregens och beim Inneminister ufechten.

Biergerno Politik a (sozialen & erschwänglesche) Wunnengsbau

Wat mech op d'Participativ a Biergerno Politik am Allgemenge bréngt, wou et och schwéier ass an dësem Budget iergent een Accent ze fannen.

Dat selwecht gëllt och fir de sozialen & erschwänglesche Wunnengsbau, d'Haaptthema, dat d'Lsap am Walkampf als absolut Prioritéit entdeckt hat - siehe, déi riseg Wal-Pan-neaux'en mat: „Bezielbare Wunnraum. Fir haut a fir muer“.

Hei gëtt den Här Buergermeeschter net midd, fir déi riseg Projet'en vun grouse private Promoteuren ze zitéieren, déi all Quadratmeter ausnotze, fir esou vill wéi méiglech Wunnengen op enkstem Raum dohinner ze kréien, mat enger méi klenger Liewensqualitéit awer zum selwechte méi a méi grouse Präis, deen sech dann nawell kee Mënsch mat enger normaler Pai ka leeschten a just si d'Gewënner dobäi sinn.

A sot elo net ech hätt dat alles mat gestëmmt, well der wësst hoergenu, dass dat eng vun eisen oniwwerbréckbaren Meinungsdivergenzen ass, an ech do meeschtens am Rapport ënner „n'a pas pris part au vote“ figuréieren.

Kuckt een sech d'Wunnegsproblematik als Schwéierpunkt vun deenen zwou Majoritéitsparteie virun de Wale un, da muss e feststellen, dass no de Wale sech awer a Punkto Engagement vun der Gemeng selwer fir aktiv an de Marché anzegräifen, näischt iwwreg bliwwen ass an et weider geet wéi „gehabt“ - weder fir haut, nach fir muer, an och wuel kaum an deenen nächste sechs Joer.

Och de Projet vun der SNHBM hei an der Gemeng kann een net als direkt Engagement vun der Gemeng selwer

ugesinn. Hei verweisen ech op dem Patrizia Arendt hir Fro an hire Kommentar zum soziale Wunnengsbau an der Gemengerots-Sitzung vum 29. Mee 2017.

Finanzen

Zu de Gemegefinanzen, d.h. virun allem zur Problematik vun de Gemegeeneinnahmen, wëllt mer awer nach e puer Commentaire maachen.

Et brauch ee sécherlech keng 100 Deeg Zäit fir feststellen, dass hei den eigentleche Problem vum Budget läit. D'Gemegefinanzreform huet eis an där Hidsicht net wierklech weidergehollef.

Eis Gemeng kënnt do net nëmmen als eng vun de Südgemengen am schlechtesten ewech, mä ass déi lescht an der Rei, och wann d'Einnahmen, déi vum Staat ëmverdeelt ginn (Akommessteuer, TVA, Benzinssteuer op der enger Säit an d'Gewerbesteier op där anerer Säit) zesumme lichts klammen.

Wéi laang dat nach undauere wäert ass ongewëss. Dat hängk vun der weiderer Steuerpolitik of an och vun der Astellung vun der neier Escher CSV-DP-Gréng Majoritéit zum Gemengen-Taux vun der Gewerbesteier, dee jo soll erof gesat ginn.

Gëtt hei och e Prozess an de Gemenge ronderëm zur Senkung vun deem Taux ageleet? Dozou hätte mer nawell gären eng kloer Ausso vun dëser neier LSAP-CSV Majoritéit gehat, déi bei der Virstellung vum Budget net eraus komm ass.

Dozou kënnt dass et eng Dunkelkammer bleift, wat fir Betriber wéivill Steieren op eise Territoire bezuelen. Et huet an der Zäit emol geheescht dass grad grouss, profitabel Betriber keng Gewerbesteier bezuelen. Kee weess dat, ausser de Buergermeeschter, an den dierf näischt soen. Esou ginn hei am Land d'Intresse vun de räiche Leit geschützt, während e « Client » vum Office social all Sou muss beleeden!

Gläichzäiteg gi mer dauernd sollicitéiert fir nei Betriber, wéi Knauf, opzehuelen resp. auszeweiten, wéi d'Kronospan.

Mer hunn ausserdem e strukturelle Problem beim neie Verdeelungs-Schlüssel vun de Steieren duerch de Staat, wat och wuel erkläert firwat mer esou schlecht ewech kommen. Sécherlech spillt d'Populatioun eng grouss Roll, déi de Buergermeeschter jo och mat 82% als Bewäertungskritär fir d'Héicht vun der Dotatioun, déi mer vum Staat kréien, confirméiert huet.

An d'Populatioun wäert nach wuessen. Mee gläichzäitig sinn aner Kritären, wéi d'Besiedlungsdicht, d'Zuel vun de Wunnengen déi d'Gemeng selwer besetzt a weider verlount a virun allem déi sozial-ekonomesch Zesummesetzung vun der Bevëlkerung - déi net mat deenen vun de grouss Stied am Süden, a virun allem net mat Esch, Déifferdeng a Péteng ze vergläichen ass.

Ënner déi Verdeelungskritären fällt neierdéngs och dee groussen Deel vun de Gewerbesteiereinnahmen déi an der Gemeng generéiert ginn, awer net an eise Budget fléissen, mee am ganze Land ëmverdeelt ginn. Och hei gi mer wuel am Verhältnis zu den Industrie- an Handwerksbetriber benodeelegt, déi et awer an eisen Zone gëtt - an an anere Gemengen net, wou se och keng Nuisancen matsechzéien.

Wirtschaftsentwécklung

Mär wëllen dofir hei e besonneschen Appell maache, fir deene Froen iwwer Wirtschaftsentwécklung an iwwer déi entsprechend Einnahmen, eng grouss Opmierksamkeet ze widmen. Et ass och e.a an dem Sënn dass mer d'Asetze vun enger Wirtschafts- a Landesplanungskommissioun fuerderen.

Mer hunn an eise Wahlprogramm eng Rëtsch vu Virschléi gemaach wéi mer eis ekonomesch Entwécklung méi matgestalten a méi previsibel maache kënnen.

A mer hunn do als Gemeng Moyenen déi mer och asetze sollen. Mer kënnen a mer sollen op déi weider Entwécklung an d'Qualitéit an eise Gewerbegebiete setzen - a net alles matmaachen. Firwat solle mer och z.B. an engem Gemengesyndikat wéi de SIKOR eng Käerjenger Industriezone weider ënnerstëtzen, déi eis Misär a Form vu Contournement a Pëtrolslager bréngt ?

An d'Gemeng kann a soll och weider aktiv ginn an der Ënnerstëtzung vu lokalen Aktivitéiten, och am Beräich vun der solidarescher- an der Kreeslaf-Ekonomie - wann och elo hei näischt am Budget virgesinn ass. Et ass dat wat mer a bescheidenem Mooss versichen mat Eiser Epicerie ze maachen, an eis Gemeng brauch sech net ze rechtfäerdigen an och net z'entschëllegen wann se hëllef deen Tissu an eisen Uertschaften erëm opzebauen, dee vun de Grandes surfaces zerstéiert ginn ass.

Déi kapitalistesche Wirtschaftsexploitatioun ass net den eenzege Standard an och emol net an eisen Aen dee wichtegsten.

Mer wëllen och dass ekologesch entgéintgesteiert gëtt, mer hunn och do an eise Wahlprogramm detailléiert Virschléi gemaach déi mer wäerten am Gemengerot an an de Kommissiounen erabréngen. Mär baséieren eis do och op déi Viraarbecht déi schonn an dëser Gemeng geleescht ginn ass, besonnesch vun der fréierer Umwelt-schäffin Myriam Cecchetti.

Sozialpolitik

Als fréiere President vum Office Social a Mat-Responsabele vum Projet „Eis Epicerie Zolwer“, huet ee scho bal mussen Alleingäng maachen a vill Duerchsetzungsverméigen hunn, fir déi hieseg sozialistesche Sozialpolitik a -Politiker(in) ze beweegen - wéi z.B. iwwert de Projet Social-Opportunités, deen à l'époque iwwert den Office social eng Dosen Initiativen an Iddi'en ervirbruecht huet, wéi den:

Développement vun der Maison sociale, e Jardin pédagogique, Médiatioun, e Projet intergénérationnel, de Kulturpass – Cultur'All, eng Permanence d'assistance sociale am Jugendhaus, Schoulaufgaben-Hëllef & Cours d'appui fir Mannerbemëttelter, Baby +, Senior +, Flüchtlingshëllef, Eis Epicerie asw...

déi zum Deel mam Argument ofgeschmettert goufen, dass dofir aner Servicer, a virun allem d'Schäffen, zoustänneg wieren. Kuckt een dann de Bilan vun de Sozial-Schäffen/Schäffin an deene leschte Joeren, da muss ee feststellen, dass deen äusserst moer ausfällt, ofgesi vun engem Service Senior+ , deen elo a sengem 3. Ulaß ass...

Haut gëtt den Office social dann am Schafferotprogramm gläich e puer mol an Zesammenhang mat Sozialprojet'en ernimmt, huet sech hei selwer awer leider kee Budget ginn. Woufir mer deen dann de leschte Méinden och net mat gestëmmt hunn.

An och an dësem Budget fënnt ee wat den Développement vun der Sozialpolitik hei an der Gemeng ubelaangt, absolut keng Fongen. Och hei huet de Buergermeeschter de leschte Méinden gemengt, et hätt e jo sechs Joer Zäit dofir.

An der Tëschenzäit wëll de Schafferot dann elo emol (no 12 Joer Majoritéit's Bedeelegung vun der Lsap), d'Iddi vun den Assises sociales opgräifen, iwwregens eng Iddi vum Hoffmanns Äender, deen dës schonn Ufank den 2000er Joeren zu Esch agefouert hat.

Kuckt een d'Zuele vum Office Social, da gesäit een dass déi gebrauchte Sozialhëllef weider usteigt an dass et och nach an engem erheblëchen, net ze toleréierenden Ausmooss, Aarmut an eiser Gemeng gëtt. Mä sinn zwar net um selwechte Niveau wéi an de grouse Stied am Süden, mee eis Gemeng, dat huet d'Publikatioun vun den Indices sociaux économiques viru kuerzem bewisen, läit nëmmen op Plaz 67 vun 105 Gemengen wat d'sozial Situatioun ugeet.

Mer begrëssen dofir och dass Assises sociales sollen eng Bestandsopnam maachen. Mer kënnen awer net acceptéieren dass déi Bestandsopnam eleng vum Schäfferot, resp. eleng vum Schäfferot mam Office social soll gemaach ginn. Sozialpolitik betrëfft all Felder vun der Politik, och z.B. Taxepolitik, gratis an / oder präiswäert Ubidde vu Gesondheetsdéngschtleeschungen, d'Schoulpolitik, d'Energiepolitik asw....

A wa mer Taxepolitik soen, da mengen mer d'Struktur vun den Taxe selwer, net de sozialen Ausgleich vun iwverhéichten oder onddifferenzéierten Taxen duerch eng Deierungszoulag.

Duerfir menge mer och dass eng sozial Bestandsopnam muss vun eis alleguer gemaach ginn, an duerfir brauche mer och am Virfeld eng berodend Sozialkommissioun. Et ass e Méinde gemengt ginn, mer sollten d'Bestandsopnam ofwaardern, mä mengen awer weiderhin: eng Sozialkommissioun wier e wichtegt Element vun esou enger Bestandsopnam.

Ofschléissend

Mä wëllen dann och jidderengem deen un dësem Budget matgeholfen huet, e grouse Merci soe, fir déi vill a guut Aarbecht déi et mat sech bréngt, fir esou en uerdentlecht Dokument (fir dem Buergermeeschter seng Wieder ze gebrauchen) opzestellen - wuelwëssend, dass d'Mataarbechter vun der Gemeng weder fir de politeschen Inhalt nach fir d'Philosophie vum Schäfferot, déi se jo schéngen ëmmer méi verstane ze hunn (dixit Buergermeeschter), verantwortlech gemaach kënnen ginn.

Interessant un dësem Budget vun der Lsap Kontinuitéit, mat deem déi nei CSV Finanz-Schäffin, hiren Aussoen no, jo och ka liewen, ass, dass e groussen Deel heibannen, elo muss kontestéieren wat e virdu huet mussen unhuelen, resp. muss unhuelen wat e virdu kontestéiert huet... hmmm...

Mä wäerten dee Budget do, aus deene virgenannte Grënn, nawell an ob all Fall net stëmmen, an ech kann dat

perséinlech och nach aus fréie Stécker maachen, well ech mech d'lescht Joer schonns enthalen hat.

Zum Schluss awer nach een aus dem Franséischen ugepasstent, a wéi ech mengen, passent Zitat zur Joers- a Majoritéitswend, vu mengem virdu schonn zitéierte Lieblings Humoriste a Comédiant:

„Der Gemeng Suessem geet et besser. Net besser wéi d'lescht Joer. Mä besser wéi d'nächst Joer“

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren, Jos Piscitelli / Déi Lénk

CSV-Stellungnahm zum Budget 2017

No 12 Joer an der Oppositioun woar et fir eis eng ganz nei, mee erfreeslech Situatioun, de Budget dës Kéier aus engem anere Bléckwénkel z'analyséieren.

Wéi di Joere virdu wëlle mir als CSV-Fraktioun am Ufank e grouse Merci aussprechen un all déi Leit vum Gemeindegemeinschaft, déi op iergendeng Manéier bei der Opstellung vun dësem Budget matgewierkt hunn. Hei konnt eis Schäffin, d'Nathalie Morgenthaler, 'live' materliewen, wivill Opwand dat ass a watfir eng wäertvoll Aarbecht do vum Personal geleescht gëtt.

An eiser Stellungnam wëll ech mech haaptsächlech op d'Investissementer am Extraordinaire konzentréieren.

Fir d'éischt awer e puer Wuert zum Ordinaire.

Am Ordinaire, wou mir jo manner Spillraum hunn, ass generell ze bemierken, dass och hei d'Investier héich gehale ginn, fir de Leit aus eiser Gemeng weiderhi guut Servicer unzibidden, dass mir weider Leit astellen, fir dës guut Servicer kënnen ze garantéieren.

Dépenses ordinaires ginn ëm iwwer 5,6 Milliounen erop, wat natierlech zu engem groussen Deel duerch Personalkäschten an di respektiv Upassunge vun de Paien bedéngt ass. Wa méi Personal agestellt gëtt, heescht dat bekanntlech, méi Käschte fir d'Gemeng, mee et heescht och besser oder nei Servicer fir de Bierger an dofir ass keen Euro ze vill. Ee guut Beispill ass d'Opstocke vum Service à l'Égalité des Chances, deen elo méi breetgefächert Servicer kann ubidden. Dat selwecht zielt fir d'Erhéije vun der mise communale fir de CIGL, déi mir am Conseil Communal vum 7. Juli gestëmmt haten. Ech wëll mech dann elo méi ausféierlech konzentréieren op déi fir eis interessantsten **Investissementer**, déi mer am **Extraordinaire** erëmfannen, wou mir jo méi Spillraum kënnen

nen hunn. An hirem Wahlprogramm hat d'CSV versprochen, dofir anzestoen, dass eis **Strukture vun der MaRe** um neiste Stand solle gehale ginn. Am Kapitel 'Protection Sociale', wou Ausgabe vu ronn 347.000 € stinn, sinn der eleng 195.000 €, also 56,2%, virgesi fir eis MaRe, sief et fir d'Mise en conformité vun den aktuelle Strukturen oder d'Plange vun neie Strukturen zu Zolwer an zu Suessem. Dass mir bereet sinn, an eis Jugend z'investéieren, weist och, ënner anerem, am selwechte Kapitel de Subside vun 100.000 € fir d'Renovatioun vum Scoutshome zu Bieles.

Investissementen an d'Kanner an d'Jugend heescht, garantéieren, dass eis **Schoulinfrastruktur** sécher, kannergerecht an um neiste Stand vu de pädagogeschen Erkenntnisser sinn. Mir investéiere weider an interaktiv Tafelen, an d'Installatioun vu Wifi-Reseauen, an informatesch Material. Eis Kanner müssen awer och gär an d'Schoul goen an zur Schoul gehéieren och d'Pausen; dofir ass et ze begrëssen, dass 250.000 € geplangt si fir kannerfrëndlech Schoulhaff zu Zolwer an am Roude Wee. Ech ka mer denken, dass aner Schoulhaff an den nächste Joren derbäi kommen. Bal 18 Milliounen € stinn am Budget fir den Enseignement fondamental, woubäi de Kannercampus op Belval selbstverständlech deen allergréissten Deel duerstellt. Mee vun dësen 18 Milliounen € ass sécher keen Euro ze vill oder iwwerflësseg. En Deel kréie mir jo och integral vum Staat zrëck fir d'Gebai vun der Ediff.

Kanner liewen a Famillen a leider ginn et och bei eis an der Gemeng **Famillen**, deenen et net esou gudd geet wéi aneren, an déi Kämpfe mussen fir sech en Dach iwwer dem Kapp leeschten ze kënnen; dofir müssen d'Gemengen ëmmer méi derfir suergen, dass dëst méiglech ass a **bezielbaren oder soziale Wunnraum** schafen. Eis Gemeng hält an deem Beräich hir Verantwortung, andeems si ëmmer méi an de soziale Wunnengsbau investéiert, sief et duerch Projeten wéi déi mat der SNHBM, siéf et duerch de Kaf an d'Restauratioun vun Haiser oder Appartementer, déi manner bemëttelte Famillen ugebuede ginn, siéf et duerch de Bail emphytéotique vu Terrainen, sou dass jonk Leit sech éischter en Haus leeschte kënnen, Projeten, déi bei eis an der Gemeng scho lafen oder deelweis ofgeschloss sinn. Sou ass et ze begrëssen, dass och an dësem Budget Geld virgesinn ass fir de Kaf vu Logementer (z.B. 1,7 Milliounen fir Heiser zu Suessem op der Taupeschwiss, 1,5 Milliounen fir soss Immeublen) oder 1 Mill. fir de Kaf vun Terrainen. Als Hëllef fir manner bemëttelt Leit ass och d'Ënnerstëtzung vun dem Projet 'Eis Epicerie' ze gesinn, wou 2018 50.000 € reservéiert sinn fir de Reamenagement vun de Lokaler vun der Epicerie. Kanner brauche Plaz fir ze spillen, dofir begrësse mir och all Euro, dee virgesinn ass fir **d'Spillplazen** an eisen Dierfer oder d'Alentouren vum Suessemer Schloss a Stand

ze setzen. Am selwechte Kontext kann een och den Amenagement vu Foussgängerweeër gesinn a ganz besonnesch gudd gefält eis hei d'Idee vum historesche Pad iwwer d'Vergaangenheet vun de Minne Galgebierg an der Source Wënschel.

Ervirsträiche wëllt ech och di grouss Zommen, déi an d'Gestioun vum **Ofwaasser** a vun der **Waasserversuergung** gestach ginn, 4,88 Milliounen fir d'Gestioun vum Ofwaasser, wou Kanalisatiounsarbechten an der rue G-D. Charlotte an an der rue Albert Einstein oder Verbesserungsarbechte vun der Helgebaach an der Rouerbaach zu Suessem nëmmen e puer Beispiller sinn, nieft dem groussen finanziellen Apport zu den Arbechte vum SIACH an dem Bypass Monnerech; 3,627 Milliounen si virgesi fir technesch Installatiounen fir d'Waasserversuergung wéi, ënnert anerem, Reservoirer oder Leitungen fir Drénkwaasser. Dëst beweist, dass vill ënnert dem Buedem geschafft gëtt, et gi vill Suen investéiert, wou een net direkt gesäit, wat geschitt, mee déi awer néideg sinn fir d'Liewensqualitéit an der Gemeng héich ze halen.

Och gëtt weider an **d'Stroossen** investéiert, 1 Mill. eleng fir d'rue Grand-Duchesse Charlotte. Mir schwätzen net nëmme vu Mobilité douce, mir schaffen och derfir, an deem Kontext wëll ech just di nei Vëlospisten erwähnen an d'Foussgängerweeër, vun deenen ech scho virdu geschwat hat. An eisem Wahlprogramm an an der Schäfferotserklärung geet riets vum 'Barrierefräie Plangen, vum 'Design-for-all' Konzept, dofir begrësse mir natierlech di 60.000 € déi ageschriwwen sinn fir 'Dalles tactiles' bei de Foussgängerpassagen. Dat ass e gudden Ufank, a mir wäerte sécher drop oppassen an de kommende Joren, dass et net bei engem Ufank bleift. Dëst ëmsou méi, well de Service à l'Égalité des Chances eng Zousatzbestëmmung krut an elo Service à l'égalité des chances et diversité heescht. Den Service gëtt opgestockt, wéi ech scho virdu erwähnt hunn, well eng Tâche vu 50% derbäi kënnt, wat ze begrëssen ass. Esou kann een d'Thematik vun deem Service erweideren, aner Beräicher an Theme mat erabringen an d'CSV-Schäffin, déi dës Ressort ënnert sech huet, huet deen néidege Background an Know-how, fir dëst zesumme mat dem Personal aus deem Service ze maachen an sécher ze stellen, dass bei Bauprojekten d'Design-for-All-Konzept mat ageplangt gëtt wou et néideg, opportu a méiglech ass.

Natierlech bleift bei all Budget, bei all Plangen nach ëmmer **Spuut no uewen**. E Beispill wier **d'Stroossebeliichtung**. Fir dëst Joer sinn am Budget 110.000 € virgesinn. Dat ass net nâischt, mee mir müssen am A behalen, ob déi och agesat gi fir a grouss Stroossen d'Belichtung ze verbes-

seren; e Beispill wieren d'Zebrastreife bei de Bus-arrêten an der Déifferdenger Strooss zu Zolwer.

Viäit just ee Saatz zu de **Recettes Extraordinaires**, éier ech zu menger Conclusioun kommen: vun deenen e-pes iwwer 41 Milliounen € déi an de RE stinn si bal 13 Milliounen Subsiden oder Remboursementen, déi mir vu verschidde Ministère, aneren Institutiounen oder Firmen, asw. kréien. Dat beweist jo och zu engem groussen Deel, dass a gutt Projeten investéiert gouf, Projeten, déi, wéi den Här Buergermeeschter oft widerhëlt, hei am Gemengerot praktesch all eestëmmeg ugeholl goufen.

Mir hunn eis och Gedanke gemaach zum **Budget rectifié** vun 2017. Kënne mir deen och matdroen, wou mir dach d'lescht Joer op der Oppositionsbänk géint de Budget 2017 gestëmmt haten? Jo, mir kënnen, well jo dee Budget eréischt Enn Mäerz 2018 richteg zum Ofschloss kënnt, a well do nach Suen am Spill sinn, déi Repercussiounen an Incidencen op de Budget vun 2018 hunn, e Budget, dee jo och schonn zu engem gewëssen Deel eis Handschrëft huet.

Als **Conclusioun** zum Budget, haaptsächlech zu den Investissementen, kënne mir als CSV-Fraktioun soen, dass mir hei Schwéierpunkten vun eiser Partei an och wichteg Punkten aus eisem Programm erëmfannen, wéi z.B. d'Investissementen an eis Schoulinfrastrukturen an de Logement, an d'Mobilitéé douce an d'Sécherheet vun eisen Awunner op de Stroossen an Trottoiren oder och nach a Kanalisatioun a Leitungen. Am Budget 2018 fanne mir keng Projeten, déi just 'nice to have' sinn, mee et sinn zukunftsorientéiert an zukunftsträchteg Projete, déi mir sécher kënne matdroen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Fir d'CSV-Fraktioun
Carine Reuter-Bauler

déi Gréng-Stellungnahm zum Budget 2017

Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, där Dammen an Härre vun der Press.

E grouse Merci geet als éischt vun eiser Säit « déi Gréng » un d'Gemengenemployéen, déi un der Erstellung vun eisem Gemegebudget vun 2018 matgewierkt hunn.

Mir, déi Gréng, waren déi lescht 20 Joer mat am Schäferot an hunn aktiv un der Gemengenentwécklung an de Projete matgeschafft, esou wéi och déi néideg Décisiounen mat geholl.

Elo si mir zënter Oktober an der Opposition, eng Roll, déi mir ganz sérieux a mat Uechtsamkeet wëllen a wäerte wouerhuelen.

Zu dësem Budget vun 2018 hu mir als Gréng vun dohier matzedeelen, datt déi grouss Projeten alleguer 2017 oder déi Jore virdrunn ausgeschafft goufen an elo 2018 ëmgèsat ginn. Dat bedeit, datt net nëmmen dëse Budget, mee och seng Ëmsetzung duerch eis Impulser a mat eiser Kollaboratioun op d'Schinn gesat goufen.

Am Hëlblick op de Budget, deen hei virgestallt gëtt, hu mir awer nach verschidde Punkten, déi eis um Härz leien an op déi mir aus dësem Grond wëllen agoen:

Bei de leschte Gemengewahlen hate sämtlech Parteien an hirem Programm stoen, datt d'Gemeng misst Bautoraine kafen. Zwar gesi mer, datt deen Artikel am Budget vun 585.000 € op 1 Millioun eropgeet, wat mer begrëissen, mär mengen allerdéngs, datt een hei, fir wierklech eppes ze bewierken, déi Zomm op mannst hätt sollen op 2 Mio verduebelen.

Eiser Meenung no misste méi Terrainen ugeschafte ginn, fir réell sozial Präisser kënnen z'offeréieren. Nëmme esou kann eng Gemeng d'Präisser mat kontrolléieren, respektiv mat erofsetzen.

De soziale Wunnéngsbau muss der Gemengendémographie entsprechen a verstärkt assuréiert ginn. Nëmme esou kënne mir Akzenter setzen fir eng gesécherzt Zukunft, virun allem och fir jonk Familljen.

D'CSV huet all déi Joeren an der Opposition ëmmer kritiséiert, datt zevill Etuden/Recherche gemaach géife ginn, an datt een déi Sue spuere kéint. Elo gesi mir am Budget, datt fir 2018 0,6 Milliounen Euro fir Etuden a Recherche virgesi sinn. Mär begrëissen, datt d'CSV wuel agesinn huet, dass esou Ausgabe wichteg sinn, als Basis

fir een der Demande entsprechenden Ausbau vun der Gemengeninfrastruktur sécherzestellen.

Mir Gréng begréissen, datt am Budget d'Erweiterung vum Vël'OK System virgesinn ass an zwou Vëlospisten zu Bieles an am Metzlerlach sollen ausgebaut ginn. Leider fënnt een awer näischt vun den M-Boxen am Budget, déi eiser Meinung no mat considéiert misste ginn an och soss hu mir net richteg erkannt, datt déi douce Mobilitéit eng Prioritéit fir den neie Schännerot duerstellt.

Mir hunn och festgestallt, dass am ordinäre Budget fir d'Recette vum Altersheim de selwechte Montant drastesch wéi dat Joer virdrun, doduerch huele mir un, dass keng Präiserhéijung 2018 wäert ufalen. Ee Punkt de mer begréissen.

Zum Thema Holzschnitzelanlag hu mir eis vun Experte soe gelooss, datt eng Gemeng dofir och genuch eegene Bësch sollt hunn. E Fakt, dee bei eis net esou de Fall ass. Dowéinst wiere mir frou, wann déi Décisioun gutt gepréift géif ginn, ier si ëmgesat gëtt. Net dass mir zevill Holz musse bäikafen a vun auswärts heihikomme loossen.

Gemegefinanze musse gutt géréiert sinn, och am Hibleck op d'Scholden, déi mir maachen. Fir all dat z'erméiglechen, hëlt eis Gemeng 12 Milliounen Euro Emprunten op, ouni den Emprunt fir d'Gebai vun der Ediff. Och wann déi aktuell Finanzsituatioun, sou wéi dat bei der Presentatioun vum Budget gesot ginn ass, keen Ulass zu grousser Suerg muss ginn, sou däerf een awer d'Situatioun net aus dem A verléieren. Mä profitéiere momentan vun historesch déiwen Zësen, eng Situatioun, déi duerchaus kann änneren, an dann fir eis Gemeng am ordinaire Budget zur Belaaschtung ka ginn. Dofir soll de Schännerot onbedéngt drop uechten, Emprunte just am Noufall opzehuelen a weiderhin eng virsiichteg Finanzpolitik ze maachen.

Mir sinn eis bewusst, datt eng Gemeng déi och an Zukunft stänneg wäert wuessen an awer dem Bierger exzellent Servicer wëll bidden, vill a virun allem gutt Gemegepersonal muss hunn. An trotzdeem muss een dobäi d'Loungkäschten am A behalen. Déi haut am Duerch schnëtt jonk Belegschaft gëtt zesumme méi al, wat an de nächste Joren logescherweis eng stänneg Erhéijung vu de Personalkäschte mat sech bréngt an dat och ouni nei Leit anzestellen.

Och als Oppositiounspartei wäerte mir eis Aarbecht mat der selwechter Gewëssenhaftgkeet maachen, wéi virdrun. Mä hoffen, datt déi Parteien, déi nach an der Vergangenheet eng Rei Projeten kritiséiert hunn, déi

se elo awer schéng matzedroen, mat der selwechter Glafwürdegkeet a Responsabilitéit déi gutt initiéiert Gemengenentwécklung virubréngen.

Ofschléissend wëll ech net méi op allegueren déi Projeten agoen, déi eis de leschte Méinden présentéiert goufen an déi ënnert grénger Mataarbecht lancéiert goufen. Mir stinn zu eiser Viraarbecht an iwwerhuelen elo d'Verantwortung beim Budget mat JO ze stëmmen.

Mir hoffen, a wäerten dat aus der Oppositioun eraus iwwerwaachen, datt och den nächste Gemengebudget an dësem Sënn opgebaut wäert ginn.

Alain Cornély

LSAP-Stellungnahm zum Budget 2017

8.700.000	Schoul Belval Sud
6.500.000	Ediff Belval Sud
3.300.000	Sportshal Suessem
2.000.000	Renovatioun Schoul Scheierhaff
1.700.000	Haiser Projet Taupeschwiss
1.540.000	Neigestaltung Rue Grand Duchesse Charlotte
1.300.000	Gebai Post
1.250.000	Terrain
1.000.000	Mathiko

Allez ech loossen emol meng Bänker-Oder op der Säit an halen op iech hei mat Zuelen ze bombardéieren

"The same procedure as every Year" hunn emol schonn e puer vu menge Virgänger gesot, mais bon fir mech ass dat jo nët de Fall wat meng Ried ubelaangt. Et ass nämlech meng éischt Budget 's Ried als Fraktioun 's Spriecher.

Am Numm vun der sozialistescher Fraktioun wëll ech emol fir d'éischt dem Buergemeeschter a senge Schäffen e grouse Merci soen awer och ee grouse Merci geet vun eiser Säit aus un all déi Leit vum Gemegepersonal déi beim Budget matgeholfen hunn.

Deen Merci bezitt sech op all Projeten déi an de leschten Joeren an engem sozial gerechte Gedanken ausgeschafft an ëmgesat gi sinn. Natierlech och zousätzlech fir déi kommend Projeten déi an dësem Budget, sollten da gestëmmt ginn an och ëmgesat wäerte ginn.

Deen neie Schännerot bréngt et fäerdeg di Suen déi eiser Gemeng zur Verfügung stinn respektiv déi mir wäerte léine goen, mat Moderatioun, Virsiicht a Verantwortung esou anzesetzen, dass mer eise Verpflichtungen

- als administrativen an techneschen Dingschtleeschter
- am sportlechen a sozio-kulturellen Plang
- am erzéiereschem an edukative Beräich
- an net zulescht op sozialem Niveau kënnen nokommen, jo zum Deel esouguer kënnen verbesseren ouni an eng lwwerschëdung ze verfalen. Mä sinn och frou ze gesinn dass donieft all eis Projeten nawell weider gefouert kënnen ginn.

Eis Prokappverschëdung op den 31.12.2018 gerechent mat enger Previsioun vun enger Awunnerzuel vun 18.100 Leit wiert plus ou moins 1.350 euros ausmaachen, wa mer d'nächst Joer den Emprunt vun 12 Milliounen integral huelen. Dat heescht dass d'Remboursements op 2,35 % par rapport zu den uerdentlechen Recetten sech chiffrieren, also eng ganz gesond Situatioun wann ee weess dass dëse Prozentsatz ënner 10 % soll sinn.

Nach e puer Chifferen:

Am Ordinäre Budget wäerten d'Recetten op 70,8 Milliounen klammen an d' Dépenses op ronn 63 Milliounen. Am Extraordinär wäerten d'Recetten op 41,1 Milliounen géint 50,8 Milliounen Dépenses erop goen.

Dir Dammen an dir Hären, mat dësem Budget kënnen mä als LSAP behapten "Mir investéieren fir d'Zukunft", mir ënnerstëtzen déi entsprechend Investissementer an wäerten anengems en A drophalen dass déi net aus dem Rudder lafen.

E grouse Merci dem Schäfferot fir all déi Informatiounen déi hien bei der Opstellung vum Budget weider ginn huet, sous entendu all di Konsultatiounen bei deene verschiddenen administrativen an techneschen Servicer.

Mir als Gemeng Suessem si mir eis wuel eiser sozialer Verantwortung bewusst, wat jo och ganz kloer aus dësem Budget ervir geet. Bei d'Maisons Relais'en sinn nach ëmmer keng Waardelëschten, all eis Kanner kommen ënnerdaach.

Dofir wëlle mer als sozialistesche Fraktioun dem Schäfferot e grouse Merci soen fir all déi Projeten déi siam soziale Beräich selwer an och zesummen mam Office Social an anere Partner mëscht oder ënnerstëtzt.

Eis Gemeng wiest ëmmer méi a muss gutt opgestallt ginn, weil jo ëmmer méi grouss Erausforderungen op se duer kënnen, wie zum Beispill all di Réfugiéen di an eiser Gemeng e neit doheem fonnt hunn. Natierlech dierfe mer och eis eege Leit aus der Gemeng, déi eis Hëllef brauchen, net vergiessen oder benodeelegen. Zum Beispill si mer frou dass elo eng Famill mat 4 Kanner e neit

Doheem fonnt huet an der Maison 2020 hei an der Zolwer Strooss, mat engem Loyer vun nëmmen 300 euros.

Wat d'Wunneng s Problematik ubelaangt gesi der och hei an dësem Budget dass mer ëmmer erëm Haiser an Terrain opkafen fir kënnen och di sozial Schwachen ze ënnerstëtzen.

D'Wunnungsbauprojeten um Geessewee, an der Metzzerhéicht, zu Suessem op eisem eegenen Terrain kommen elo definitiv un d' Rullen.

Natierlech nieft där sozialer hu mer och eng ökologesche nohaltege Verantwortung.

Wat de Klimabündnis a speziell de Klima Pakt ubelaangt gëtt erëm e gudden Deel vum ordinären Budget geholl fir an d' Protektioun vum Environnement ze investéieren.

An der Mobilitéit investéiere mer an nei Vel'OK Statiounen an d'Développement vum ëffentlechen Transport.

E Budget wéi der héiert, deen 100 % an der Kontinuitéit ass an deen an eisen Aen, esou wéi vum Buergermeeschter Georges Engel virgestallt, "Sozial a fir eng gudd Liewensqualitéit" steet.

Dofir si mer frou, dass dëse Budget, deen esou wéi déi aner virdrun déi, an dëst kéier vun der LSAP - CSV's Majoritéit opgestallt gouf an, wéi de Buergermeeschter, e Méindeg bei der Presentatioun vum Budget, un Hand vun deene sëlliche Projeten an deene leschten Joeren hei duer geluecht huet, och ëmgesat goufen, net nëmmen am Zeechen vum sozialen Engagement, der Kontinuitéit, der Konsolidatioun mä och vun der ökologescher Nohaltegkeet.

Mir wëllen dann awer och schlussendlech vun der Geleeënheet profitéieren fir all deenen zoustännege Leit déi un dësem Budget mat vollem Engagement mat geschafft hunn, Merci soen an e grousst Kompliment maachen, weil et och bestëmmt dëst Joer net einfach war, fir d' Chifferen esou ze recherchieren an z'évaluieren, fir dass de Schäfferot déi richteg Décisiounen konnt huelen.

D'Fraktioun vun der LSAP ass dann och frou fir dëse Budget kënnen mat ze droen an och mat ze stëmmen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren
Denis Bronzetti

DER SCHÖFFENRAT NIMMT STELLUNG

Danach nahm Bürgermeister Georges Engel (LSAP) Stellung zu den Budgetreden der Fraktionen. Anders als in den vergangenen Jahren ging er hierbei nicht auf die einzelnen Fragen und Kritikpunkte ein, sondern gab ein allgemeineres Statement ab. In Richtung von déi Lénk-Gemeinderat Jos Piscitelli empfahl er, man solle sich doch besinnen und an jenes zurückdenken für das man in den letzten Jahren einstand. Auch ein Wechsel in eine andere Partei muss nicht bedeuten, dass man alles fallen und stehen lässt. Dagegen lobte er die Einstellung der Oppositionspartei déi Gréng, die dem Budget 2018 zustimmen werden. Es sei mehr als respektabel, dass déi Gréng-Fraktion – ohne dass die aktuellen Gemeinderäte im Schöfferrat waren – nun in der Kontinuität, von dem was sie in den letzten 20 Jahren der guten Zusammenarbeit mitgetragen haben, die Haushaltsvorlage unterstützen. Abschließend würdigte der Bürgermeister noch die Kooperation mit der neuen Schöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) beim Ausarbeiten des Budgets. Der Haushalt 2018 zeige eine Politik die den Bürgern hilft, mit der Kontinuität und Stabilität der vergangenen Jahre und mit neuen Akzenten. Der Wahlausgang im Oktober habe gezeigt, dass die Bürger dies auch wollen, mit dem Budget und der gemeinsamen Schöfferratserklärung mit der CSV, werden dem Wählerwunsch klar Folge geleistet.

Der rektifizierte Haushalt 2017 wurde dann mit den Enthaltungen von den déi Lénk-Gemeinderäte bewilligt. Abschließend wurde danach die Budgetvorlage 2018 mit der rot-schwarzen Mehrheit von 12 Stimmen plus die 2 Stimmen der déi Gréng-Fraktion gegenüber den Gegenstimmen der déi Lénk verabschiedet.

PERSONALFRAGEN UND BESETZUNG DER BERATENDEN KOMMISSIONEN

Wieder eingewaren sich die Gemeinderäte bei den 3 folgenden Punkten, die von Personalschöffen Marco Goelhausen (LSAP) vorgetragen wurden. Hierbei handelte es sich um die Schaffung von zwei neuen Reinigungsposten zum einen für das Interventionszentrum der Rettungsdienste in Zolwer (20 Stunden) und zum anderen für die Kantine der Maison Relais im „Chemin Rouge“ in Beles (30 Stunden). Daneben zeigte sich der Gemeinderat auch einverstanden mit der Festlegung der Anzahl an Stellen im „cadre fermé“. Obwohl man bei der letzten Abstimmung gedacht hatte, dass

dies zum letzten Mal durchgeführt werden muss, da der geschlossene Kader im Rahmen der Reform entfällt, musste dieser Punkt doch noch einmal auf die Tagesordnung. Grund war, dass die Mitarbeiter, die vor September 2017 eingestellt wurden, im kommenden Jahr noch von den Beförderungen nach den alten Dispositionen profitieren.

Bei der Nominierung der Mitglieder in den beratenden Kommissionen waren sich die Gemeinderäte zunächst uneins. Déi Lénk-Gemeinderat Jos Piscitelli teilte mit, dass er ein technisches Problem mit der Abstimmung habe. Man wolle wie bereits in der letzten Sitzung am Montag angekündigt gegen die Aufteilung vorgehen. Gemeinderätin Myriam Cecchetti (déi Lénk) präzisierte, dass ihre Fraktion nicht gegen die Kommissionen oder gegen die Kandidaten sei, sondern gegen den Verteilungsschlüssel der Anzahl an politischen Parteimitgliedern in den jeweiligen Gremien. Auch die déi Gréng-Gemeinderäte Alain Cornély und Chantal Faber-Huberty konnten sich am Anfang nicht mit der Sitzvergabe anfreunden und fragten bei der Kommission für Schulverpflegung nach warum hier wieder die Prozentrechnung angewandt werde und bei anderen wiederum nicht. Déi Lénk-Gemeinderat Jos Piscitelli regte sich ebenfalls auf, dass der Schöfferrat hier willkürlich die Sitzanzahl bestimmen würde. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) erklärte, dass man bei den nicht-obligatorischen Kommissionen die Anzahl an politischen Sitzen festlegen darf, wie man es für am besten befindet. Zum Abschluss wurde der Punkt dennoch unisono verabschiedet, mit der Bemerkung der déi Lénk-Fraktion, dass man hier nur die Zusammensetzung der Mitglieder aber nicht den Verteilungsschlüssel mitstimme.

Keine Einwände gab es dann auch bei der Designation der Gemeindevertreter in den diversen kommunalen Syndikaten und Vereinigungen. Keinen Grund zu Diskussionen gab es auch nicht bei der Nominierung des Klimateams.

In der geschlossenen Sitzung stimmte der Gemeinderat abschließend die Beförderung einer Gemeindebeamtin in einen höheren Karrieregrad.



Commune de Sanem